

# R9 zu Uesweller (Gemeng Rouspert)

## „Op de Spure vum 2. Wëltkrëich“

Départ bäim „Centre culturel“ (3, rue de l'École)

Am Hierscht 1944 - ganz Lëtzebuerg war schonns bal vun den Nazi-Truppe befreit - louch Uesweller op eemol un der viischter Front, wéi de Virmarsch vun den alliierten Truppen um Westwall un d'Stoe kouw.

Op véier Plazen am Duerf an an der Ëmgéigend vun Uesweller gëtt d'Erënnerung un den 2. Weltkrich waakreg gehal.



### ***Erënnerung un d'Rundstedt-Offensiv – Plack un der Schoul***

An de fréie Mueresstonne vum 16. Dezember 1944 huet d'Wehrmacht hir lescht grouss Offensiv géint d'alliiert Truppen un der Westfront gestart. Déi schlecht ausgerüst amerikanesch Zaldoten, déi déi däitsch Ugrëff am Secteur Uesweller-Déickweller trotz grousser Verloschter ofwiere konnten, hu misse bis den 18. Dezember op Verstärkung waarden. Se goufen vun Zaldoten vun der 4. Infanterie-Divisioun ënnert dem Leutnant Colonel Kenan ofgeléist, deen e Kommandoposten am Keller vun der Uesweller Schoul ageriicht huet.

D'Plack un der Uesweller Schoul, déi den **18. Dezember 1994** ageweit gouf, erënnert un dës Episod vun der Ardennenoffensiv.



### **22nd Infantry Regiment (2nd Battalion)**

Attached to the 83d Infantry Division (83<sup>D</sup> INF) / part of the 4<sup>th</sup> infantry division (4<sup>TH</sup> INF)

**Motto: Deeds, not words**

### ***Erënnerung un d'KZler an d'Zwangsrekrutéiert – Wandrelief an der Kierch***

An der Uesweller Parkierch gouff den **22. Abrëll 1951** en Denkmol ageweit, als Hommage un déi zéng Uesweller, déi den Titel „Mort pour la patrie“ zouerkannt kritt hunn. Dräi Männer sinn an däitsche Konzentrationslageren ëmkomm, a siwen zwangsrekrutéiert Jongen sinn un der Ostfront gefall oder a russescher Gefaangeschaft gestuerwen.





## Erënnerung un d'amerikanesch Befreier – Memorial um „Schnäkebiërg“

Uesweller ass den 13. September 1944 vun Zaldoten vun der 28. US-Infanterie-Divisioun befreit ginn. Hinnen zu Éier, an an dankbarer Erënnerung un all amerikanesch Zaldoten, déi an de Wochen a Méint duerno zu Uesweller an Ëmgéigend gekämpft hunn, gouf den **9. Mai 1982** e Memorial am Agank vum „Schnäkebiërg“ a Präsenz vum deemoligen US-amerikanesche Botschafter John Dolibois **ageweit**.

**Ofzeeche vun den amerikaneschen Eenheeten, déi am Raum Uesweller-Déickweller am Asaz waren:**

### 1. Rei:

4th Infantry Division* <b>4<sup>TH</sup> INF</b> (Yvy)	5th Infantry Division <b>5<sup>TH</sup> INF</b> (Red Diamond)	9th Armored Division <b>9<sup>TH</sup> AMD</b> (Phantom)

**\*12th Infantry Regiment (L-Kompanie):** Frontlinn Uesweller-Déickweller verdeedigt vun Ufank Dezember bis den 18. Dezember 1944 – gouf deem Dag vum 22th Infantry Regiment (2. Battalion / U.S.-Leutnant Colonel Thomas A. Kenan) **ofgeléist**

### 2. Rei:

### 3. Rei

87th Infantry Division <b>87<sup>TH</sup> INF</b> (Golden Acorn)	76th Infantry Division <b>76<sup>TH</sup> INF</b> (Liberty Bell / Onaway)	<b>TD-FA: Tank Destroyer Battalion Field Artillery</b> (Tank eating Tiger)	5th Armored Division* <b>5<sup>TH</sup> AMD</b> (Victory)	28th Infantry Division* <b>28<sup>TH</sup> INF</b> (Roll-On / Keystone)	83d Infantry Division <b>83<sup>D</sup> INF</b> (Ohio)

**\*Befreiung vun Uesweller: 13. September 1944**

## Erënnerung un d'Evakuatioun – Monument am „Gruussebësch“

Mëtt September 1944, nodeems de Virmarsch vun den alliierten Truppen um Westwall (Sigfriedlinn) un d'Stoe komm war, sinn d'Grenzuertschaften laanscht d'Sauer ëmmer méi ënner Beschoss geroden.

Steenem gouf tëscht dem 16. an dem 24. September evakuiert. En etlech Steenemer Famille si fir eng kuerz Zäit zu Uesweller ënnerdaach komm. De 6. Oktober hunn déi Uesweller hiert Duerf och misse verloossen, an et sollt bis den 10. Mäerz 1945 daueren, bis si erëm heem goe konnten.

Um Wee fir op de Geyeschhaff gouf de J.-P. Hauer vu Steenem den 28. September 1944 duerch däitsch Panzerminne mat Päerd a Gefier an d'Luucht gesprengt.

D'Monument am „Gruussebësch“, dat den **28. September 2012** **ageweit** gouf, steet fir all Zaldoten an Zivilisten, déi am 2. Weltkrich ëm d'Liewe komm sinn.

